Lëtzebuerg, den 29. September 2016

# Pressecommuniqué

No deene ville Rumeuren déi an de leschten Deeg am Land zirkuléieren wëll de Comité vum Lëtzebuerger Theater zu folgende Punkten Stellung huelen.

Wat déi finanziell Situatioun vun der asbl Lëtzebuerger Theater ubelaangt, goufen et temporär Schwieregkeeten, verschidden Prestatairen vun der Revue 2016 mat Zäiten ze remuneréieren. Fait ass datt an de Virstellungen am Groussen Theater 2500 Leit manner kucken komm sinn wéi dat Joer virdrun. Doriwwereraus ass ee wichtege Sponsor ofgesprongen. Dës Situatioun huet natierlech ee Lach bei de Recetten hannerlooss.

De Comité vum Lëtzebuerger Theater huet probéiert no Léisungen ze sichen, an ass bei der Revue All Star Band op daf Oueren gestouss. D'Museker goufen an eng Comitéssëtzung invitéiert, hun sech awer net presentéiert, mee hunn et virgezunn, een Affekot an en Dierwiechter anzeschalten, fir direkt bezuelt ze gin. Doropshin huet de Comité eng Entrevue gefrot mat de Responsabelen vun der Stater Gemeng, fir mat hinnen eng gemeinsam Léisung ze fannen, wat d'Locatiounsfrais'en vum Theater an der Stad betreffen, fir esou all Prestatairen vun der Revue 2016 kënnen en bonne et due forme ze bezuelen. Bei der Gemeng Lëtzebuerg ass de Comité vum Lëtzebuerger Theater net op daf Oueren gestouss, soudass et elo méiglech ass, de Bilan vun der asbl an deemno och vun der Revue 2016 z'equilibréieren.

De Comité vum Lëtzebuerger Theater huet net demissionéiert, entgéint alle Rumeuren.

Et wäert am Joer 2017 keng Revue sinn. D'Ursaachen duerfir si villfälteg. Trotz villem Entgéintkommen vu Säiten vum Stater Theater, hat d'Revue hier léif Méi, eng Plaz am gutt gefëllten Kulturprogramm vum Groussen Theater ze halen. De kulturelle Patrimoine "Revue" huet iwwert all déi Joren wéineg bis guer keng Ënnerstëtzung am Kulturministère fonnt. Trotz erhéichten Entréespraisser war et net ëmmer einfach fir d'Produktioun, d'Enner beieneen ze kréien, dëst och well d'Käschten massiv geklomme sinn. Sou sinn 10% vun de Recetten fir d'Frais'en vum Verkaf vun den Tickets'en am Groussen Theater iwwert

d’Billetterie Nationale, 40% fir d’Locatioun vum Groussen Theater, 20% fir dat technescht Equipement, méi wéi 10% fir dat musikalescht Encadrement. Derbai kënnt och, datt déi kulturell Landschaft hei zu Lëtzebuerg sech an deene leschten 20 Joer rasant entwéckelt huet.

De Comité vum Lëtzebuerger Theater bedauert datt et souwäit huet misse kommen, an datt eng 120 Joer al Traditioun vun haut op muer riskéiert d'Baach erof zegon.

De Comité vum Lëtzebuerger Theater

Joseé Conrardy
Nathalie Felten
Jean-Claude Muller
Zoltan Gaetti